N°7717
Entrée le 07.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.03.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 7. Mäerz 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Drénglechkeetsfro un den d'Madamm Justizministesch an un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Den 29. Mäerz 2022 ass, an enger gemeinsamer Reunioun vun der Justizkommissioun an der Educatiounskommissioun zu de Gesetzprojeten zum Jugendschutz an dem Jugendstrofrecht, iwwert ee méiglechen Ausbau vum Centre socio-éducatif de l'Etat (CSEE) diskutéiert ginn. An deem Kader hunn déi zoustänneg Ministeren erkläert, d'Strukture wëllen ze verklengeren an ze dezentraliséieren, fir sou ee besseren Encadrement vun de Jonken ze garantéieren. Aktuell ass de CSEE opgedeelt op dräi Sitten (Dräibuer, Schraasseg a Buerglënster) déi alleguer quasi ausgelaascht sinn. De 6. Mäerz 2023 huet den Direkter vum CSEE dann an engem RTL-Interview confirméiert, dass d'Sitten zu Schraasseg oder Dräibuer kéinten ausgebaut ginn. Wéi den Direkter och sot, kënnt et ëmmer nach vir, datt duerch de Plazmangel an der UNISEC, Jonker op Schraasseg an de Prisong kommen. Dofir ass an der zoustänneger Kommissiounssëtzung am Mäerz 2022 gesot ginn, d'UNISEC zu Dräibuer soll ausgebaut ginn.

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un d'Madamm Justizministesch an un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

- Huet d'Regierung déi am Mäerz virgestallte Strategie vu méi klengen, dezentrale Sitte vum CSEE opginn?
    - Wa jo, firwat?
- Sollen um Site zu Dräibuer an Zukunft weiderhin CSEE an UNISEC bestoen, oder awer just d'UNISEC?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

Octavie Modert | Leon Gloden | Max Hengel

**Deputéiert**

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizministesch Sam TANSON a vum Här Educatiounsminister Claude MEISCH zu der parlamentarescher Fro n°7717 vum 7. Mäerz 2023 vun den honorabelen Deputéierten Octavie MODERT, Léon GLODEN a Max HENGEL iwwer de CSEE**

1. **Huet d'Regierung déi am Mäerz virgestallte Strategie vu méi klengen, dezentrale Sitte vum CSEE opginn? Wa jo, firwat?**

D'Regierung hält un hirem laangfristegen Entwécklungsprozess, fir d'Strukture vum Centre socio-éducatif de l'Etat (CSEE) ze verklengeren an ze dezentraliséieren, fest. En dezentralen Encadrement erlaabt eng méi intensiv Prise en charge vun de Jonken a klenge Gruppen.

Fir säin Entwécklungsprozess ze garantéieren, sicht de CSEE weiderhin no kuerz- a laangfristegen infrastrukturelle Léisungen.

2. **Sollen um Site zu Dräibuer an Zukunft weiderhin CSEE an UNISEC bestoen, oder awer just d'UNISEC?**

D'Aussoen, déi den 29. Mäerz 2022 an der gemeinsamer Reunioun vun der Justizkommissioun an der Educatiounskommissioun zu de Gesetzprojeten zum Jugendschutz an dem Jugendstrofrecht, iwwert ee méiglechen Ausbau vum CSEE gemaach gi sinn, gëllen nach ëmmer. Et huet sech näischt un der Approche, fir een zukünftege Centre pénitentiaire zu Dräibuer unzesidelen an den CSEE ze dezentraliséieren, geännert.

Lëtzebuerg, den 18 Abrëll 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson